N°3219
Entrée le 05.01.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3219 vum 20. November 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Ass et zu Lëtzebuerg méiglech, eng Vollnarkos (Allgemeng Anästhesie) fir klaustrophobesch Patienten ze kréien, déi et net aushale kënnen, 20 Minutten an engem IRM-Tunnel ze bleiwen?*

- *Wann jo, wéi eng Formalitéite mussen erfëllt ginn?*
- *Wann nee, firwat net?*

Et ass méiglech eng allgemeng Anästhesie bei enger IRM zu Lëtzebuerg duerchzeféieren. Well eng IRM een "Acte de diagnostic” a net eng Interventioun ass, ass d’finanziell Prise en Charge vun enger Vollnarkos an deem Kader net virgesinn.

Wéi bei all allgemenger Anästhesie oder déiwer Sedatioun mussen déi üblech Virsiichtsmoossname respektéiert ginn.

Als éischt muss eng Evaluatioun vum Virdeel/Risiko-Verhältnis gemaach ginn. Dëst souwuel wat d’Indikatioun vum Exame selwer ugeet (erwaart Virdeeler vun der IRM) wéi och fir d’Anästhesie (zum Beispill an der Pediatrie, bei schwéierer Klaustrophobie oder bei bestëmmten neurologesche Pathologien).

Duerno muss eng “Pre-Anästhesie-Consultatioun” duerchgefouert ginn. Si erméiglecht d’Betreiung un de Patient unzepassen. D’Wiel tëscht Sedatioun an allgemenger Anästhesie hänkt vum klineschen a psychologeschen Zoustand of, an och vun der viraussiichtlecher Dauer vum Examen.

Schliisslech muss d’Anästhesie mat Material duerchgefouert ginn, dat mam IRM-Ëmfeld kompatibel ass, an ënner der Opsiicht vun engem Anästhesist. Eng Iwwerwaachung no der Anästhesie gëtt duerno assuréiert.

*2. Eng oppen IRM am Ausland ka bis zu 1.000 € pro Ënnersichung kaschten, an de Patient ass gezwongen, dëse Montant aus eegener Täsch ze bezuelen, mat Ausnam vun den 150€, déi no der Nomenclature rembourséiert ginn. Sou muss e krank Patient, dee bei der CNS verséchert ass, dës Käschte selwer droen, wann eng IRM ënner Vollnarkos hei zu Lëtzebuerg net méiglech ass.*

*Wéi vill Leit hunn an de leschte fënnef Joer missen an d'Ausland goe fi r eng IRM (notamment eng oppen IRM) ze maachen, déi zu Lëtzebuerg net disponibel war?*

Et ass ze bemierken dat laut den Informatiounen déi dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet zu Verfügung stinn de Käschtepunkt vun enger IRM am Ausland ëm déi 500 Euro pro Ënnersichung läit.

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet zu der gestallter Fro, wéi vill Leit an de leschte fënnef Joer hu missen an d’Ausland goe fir eng IRM (notamment eng oppen IRM) ze maache well déi zu Lëtzebuerg net disponibel war, keng Elementer.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Dëst, well net bekannt ass aus wéi engem Grond Patienten an d'Ausland gi fir sech do behandelen ze loossen. Zousätzlech ass et net méiglech ze ënnerscheeden ob eng Ënnersichung an engem oppenen IRM war oder net.

Insgesamt geet den Deel vun den IRM-Examen, wou d'CNS op d'Demande vum Assuré am Ausland en Charge hëlt, zréck. 2019 waren et nach 5,7 % (4,1 % an Däitschland) vun allen IRM-Examen, 2024 just nach 2,2 % (1,3 % an Däitschland), mat weiderhi falender Tendenz.

| **Joer/ Plaz vun der Prestatioun** | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** | **2025*** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Lëtzebuerg** | 50 409 | 56 084 | 59 263 | 75 518 | 79 071 | 88 407 | 105 577 | 75 732 |
| **Ausland** | 3 060<br>(5,7 %) | 3 373<br>(5,7 %) | 2 055<br>(3,4 %) | 1 837<br>(2,4 %) | 2 019<br>(2,5 %) | 2 476<br>(2,7 %) | 2 325<br>(2,2 %) | 1 580<br>(2,0 %) |
| **Total** | 53 469 | 59 457 | 61 318 | 77 355 | 81 090 | 90 883 | 107 902 | 77 312 |

* Stand um 17.11.2025

*<u>3. Wéi vill IRM-Ënnersichungen hunn zu Lëtzebuerg an de leschte fënnef Joer missen ofgebrach ginn, well de Patient net méi a der Lag war, d'Ënnersichung wéinst Angscht oder Panik weiderzemaachen?</u>*

De Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet huet keng Informatiounen matgedeelt kritt ob ee Patient eng IRM-Ënnersichung wéinst Angscht oder Panik huet missen ofbriechen.

Lëtzebuerg, den 5. Januar 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez